

Wéi ënnerstëtze mir d'Kanner fir staark ze ginn ?

Zu de Grondlage vun der non formaler Bildung gehéiert e positivt Bild vum Kand ze hunn an u säi Potential ze gleewen. E Kand ass keen eidelt Gefääss wat muss gefëllt ginn, mee et bréngt scho vill mat: seng Perséinlechkeet, seng Bedierfnisser, seng Stärkten, säi Virwëtz a seng Interessen. All Kand huet d'Loscht an d'Fäegkeet fir ze léieren. An all Kand huet Rechter déi an der Kannerrechtskonventioun festgeschriwwen sinn.

Fir wuessen ze kënnen, brauchen d'Kanner Erwuessener, déi si ënnerstëtzen. Dozou gehéieren d'Erzéierinnen an Erzéier an de Bildungs- a Betreuungsstrukturen. Si hunn als Aufgab sech fir all eenzelt Kand ze interesséieren an him nozelauschteren fir esou seng Bedierfnisser, Stärkten an Interessen ze erkennen. Op dës individuell Eegenschafte baut hir Aarbecht op.

Well vun den individuellen Interessen a Fäegkeete vum Kand ausgaange gëtt, ass et wichteg, datt si sech abrénge kënnen an hir Meenung soe kënnen.

Zu den Eegenschafte vun der non formaler Bildung, gehéiert et dem Kand ze erlaben „Neies entdecken ze kënnen“, „selwer aus ze probéieren“ a „kreativ ze sinn“.

Dat geschitt beim Kand ganz vill iwwer d'Spill. Duerfir kritt d'Kand Zäit fir ze spillen an et sinn altersgerecht an ureegend Spillsaache fir et do.

D'Kand léiert och vun deenen anere Kanner. Duerfir gëtt vill Wäert op d'Zesummeliewen an d'Zesummeschaffe geluecht.

All Kand soll déi selwecht Chancen ugebuede kréien, onofhängeg vu senger Fäegkeeten a senger Hierkonft. Duerfir ass d'Inklusioun e wichtegt Uleies.

D'Kand soll sech wuel fillen. Duerfir gëtt vill Wäert op eng frëndlech Atmosphär an op den Amenagement vun de Reim geluecht. Dës sollen dem Alter entspriechend an ureegend ageriicht sinn. Se sollen dem Kand erlaben sech méiglechst fräi ze beweegen a seng Spillsaache selwer auswielen ze kënnen. Och Ecker wou se Rou fanne kënnen a sech zeréckzéie kënnen gehéieren dozou.

Fir staark ze gi gëtt d'Kand ënnerstëtzt a senger kognitiver Entwécklung, sozialer an affektiver Entwécklung, motorescher a physescher Entwécklung a sproochlecher Entwécklung.

Duerfir brauch d'Kand vill verschidde Méiglechkeete fir seng Interessen a Fäegkeeten ze entdecken, fir auszeprobéieren an ze léieren. Duerfir ass et wichteg breet gefächert Aktivitéiten ze hunn. Et si verschidde Felder festgeluecht ginn an deenen d'Dageselteren, d'Crèchen an d'Maisons Relais mat de Kanner schaffe solle fir hinnen esou eng diversifiéiert Bildungsoffer unzebidden.

An der non formaler Bildung kréien d'Kanner de Raum an d'Méiglechkeet fir virwëtzeg ze sinn, fir hir eegen Interessen ze entdecken a fir hir perséinlech a sozial Fäegkeeten op spilleresch Aart a Weis ze entwéckelen. Esou gi si ënnerstëtzt fir eegestänneg ze ginn an hir Plaz an der Gesellschaft ze fannen.